# “Wer soll das bezahlen……….?”

Déi 6 Gemengeréit aus der Gemeng Ierpeldeng-Sauer, Max Blom, Frank Kuffer, Laurent Lacour, Eric Osch, Carlo Tessaro a Claude Wolter, stelle kloer datt de **Gemengerot net gefrot ginn ass an also ni säin Accord ginn huet**, weder wat eng eventuell Offer fir de Kaf vum Biertrenger Schlass nach wat d'Héicht vun der Offer ugeet.

Bis dato ass och an eisem Budget KENG Zomme virgesinn a mir stellen eis d'Fro wéi dat dann elo soll viru goen wann de Nordstadsyndicat d'Soumissioun e Mëttwoch fir sech entscheede géif.

De Schäfferot huet eis iwwert de Sujet Biertrenger Schlass just informéiert datt de Nordstadsyndicat SINO dat wëlles huet an eis esou virun e **Fait Accompli** gesat.

Dëst soll och keng Diskussioun iwwert de Pour an de Contre vum Kaf vum Schlass sinn, et dréit sech just dorëm datt **d'Demokratie ausgehiewelt ginn ass** an hei eis Gemeng en eventuellen Invest mécht deen ni an engem Gemengerot gutt geheescht ginn ass.

Mir froen eis wéi dat méiglech ass datt e Staat sech dee Projet net well operleeën wéinst den héije Folgen- an Ënnerhaltskäschten, e Nordstadsyndikat sech déi Froen awer anscheinend net schéngt ze stellen

respektiv dem Gemengerot **kee Plang virleet wou déi finanziell Rees an den nächste Joren higeet**, NÄISCHT!

D'Conseilleren vun Ierpeldeng-Sauer

Max Blom, Frank Kuffer, Laurent Lacour, Eric Osch, Carlo Tessaro, Claude Wolter.